

wäert also ofzewaarde si bis zu den Éisträicher an och vläicht de Finnen duerno fir ze kucken, dass mer op deem Gebitt weiderkommen.

Mä dat soll eis - an do sinn ech mam Rapporteur d'accord - net drun hënneren, fir no deem Beschloss, dee mer haut gemaach hunn, esou wéi elo scho fir d'IPPC-Betriber, och weider an eiser Gesetzgebung ze kucken, wat fir eng Punkten dass mer do mussen upaken an déi Aarbechten do weiderzedreiwten, fir deem Beschluss vun haut net nëmmen e symbolesche Charakter ze ginn, dee mer net wëllen, mä och mat deem Vote vun haut der Regierung den Auftrag ze ginn, fir iwwerall do, wou nach Grozone sinn oder wou nach guer keng Ëmsetzung ass a Gesetzgebungen, dat vun haut un ëmzesetzen.

Ech mengen, dass dat fir all d'Ministernen a fir all d'Ressortë gëllt, an deementspriedend sinn ech u sech optimistesche, dass mer et wäerte fäerdeg bréngen, fir souwuel de Volet eent Informatioun wéi d'Bedelegung vun de Bierger wéi den Accès à la justice esou schnell wéi méiglech weiderzedreiwten, well ech mengen et gehéiert no deenen Debatte vun deene leschte Wochen, déi mer hei am Land och haten, zu enger Gesellschaft, déi sech vis-à-vis vun hire Bierger responsabel an offe verhält, an dat virun allem hei am Beräich vun der Ëmwelt, dass een - an do sinn ech mam Här Mehlen d'accord - um Schluss vun där Diskussioun fir jiddferen, souguer heiansdo fir d'Fonctionnairen an de Ministère, déi all Dag domadder schaffen, um Schluss vun där Prozedur eng kéier muss zu enger koordinierter Gesetzgebung kommen, fir dass jiddferen sech doranner ermënnert, virun allem och d'Entreprises an d'Agenten, déi domadder ze schaffen hunn. Dat schéngt mer op der Hand ze leien.

Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 4513 ass ugehollet mat 57 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen, MM. Marcel Glesener (par M. Laurent Mosar), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank (par M. Patrick Santer), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), M. Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. John Castegnaro), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Collette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens (par M. Emile Calmes), Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel) et Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur);*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn nach zwee Projeten um Ordre du jour fir haut de Mëtteg. Nach dräi Projeten.

**Une voix.** - Zweek!

**M. le Président.** - Zweek Projeten, pardon. Mir wäerte bis ongeféier hallwer aacht brauchen, fir déi Projeten evakuéiert ze kréien. Mir sinn eens gi fir d'Sitzung esou laang ze halen. Mir stëmmen alldéngs muer de Mëtteg am Ufank vun der Sitzung of iwwert déi zwee Projets de loi, déi mer elo diskutéieren. Et sinn eng ganz Rei vu Kolleegen, déi Obligatiounen hunn, an dofir maache mer dat esou.

Mir diskutéieren elo de Projet iwwert d'Schafung vun engem Lycée technique fir erzéieresch a sozial Beruffer. D'Riedezeit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Gantenbein, d'Madame Brasseur, d'Madame Loschetter an den Här Henckes. Aus organisatoresche Grënn schwätzt d'Madame Brasseur virun der Madame Gantenbein, wann Der domat d'accord sidd. Elo huet d'Wuert de Rapporteur, den honorabelen Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

### 3. 5338 - Projet de loi portant création d'un Lycée technique pour professions éducatives et sociales

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle**

**M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Madame Minister, Här Minister, an dësen Deeg a Wochen ass op dëser Plaz hei, och anerwäerts, a mat Recht mengen ech, oft iwwer historesch Momenter vun der Welt, Europa an an der nationaler Gesellschaft geschwat ginn. Wa mer haut de Projet de loi 5338 verabschieden, wat jo dann no den Aussoe vum President muer definitiv soll geschéien, da geet et jo drëm fir aus dem IEES, dem Institut d'Études Éducatives et Sociales, e Lycée technique pour professions éducatives et sociales ze maachen.

An da bezitt sech déi historesch Bedeitung eigentlech dorop, dass an eisem Schoulsystem d'Ëmwandlung vun dësem Institut an e Lycée technique e Prozess ofschléisst, deen dann dozou féiert, dass mer an eisem Enseignement postprimaire nach just Lycéeën hunn.

Ofgesi vun der Noutwendegkeet, endlech kloer Verhältnissen a Gläichrangegkeet am bestehende Schoulsystem ze schafen, bedeit dëse Schrëtt och eng Unerkennung fir d'Leeschtung a fir d'Pionéieraarbecht, déi den IEES gemaach huet, a gläichzäitig och eng Opwärtung fir dës Schoul, souwuel fir d'Léierpersonal vun där Schoul wéi fir d'Schüler.

**(M. Jos Scheuer prend la Présidence)**

Den IEES respektiv muer de Lycée technique vu Fenteng, oder méi richteg vu Léiweng, huet eng Geschicht, déi op 1973 zrëckgeet, wou en am Kader vum Gesetz iwwert den differenzierten Unterrecht an do mat Recht op déi beschtméiglechste Schoulausbildung fir behënnert oder schwach Kanner an enger éischter Etapp den IFEM, den Institut de Formation pour Educateurs et Moniteurs

d'éducation différenciée, geschaf ginn ass, an da mam Gesetz vum 6. August 1990 den IEES, duerch dee bis haut - et ass ëmmerhin interessant ze wëssen - ronn 2.000 Schüler gaange sinn, also ausgebilt si ginn, wouvu ronn 1.600 en Diplom de fin d'études secondaires techniques kritt hunn.

Eng aner bedeitend a wichteg Etapp an deem Kontext ass d'Grënnung vun der Uni Lëtzebuerg am Joer 2003 an d'Décision vum Transfert vun der Ausbildung vun den Educateurs gradués de niveau supérieur an déi Uni.

De Rapport vun der zoustänneger Parlamentskommissioun - ech soen direkt hei alle Matglidder vun där Kommissioun an dem Sekretariat en décke Merci - ass de 6. Juli eestëmmeg verabschiedet ginn. Et kann een an deem Rapport ganz vill Eenzelheeten am Zesummenhank mat deem Projet de loi noliesen.

Dir wësst, dass dee Projet de loi de 4. Mee 2004, esou laang ass dat also och net hier, deponéiert ginn ass, dass mer vun der Privatbeamte-Chamber den 9. Juli 2004 en Avis kritt hunn, deen zwar grondsätzlech d'Schafe vum Lycée begréisst huet, mä kritiséiert huet, dass dat eng monopolistesche Décision wier, dass si léiwer gehat hätten, dass déi Formation op all Lycéeën verdeelt gi wier, mä grondsätzlech war se d'accord.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet den 19. November 2004 hiren Accord ginn. De Conseil d'État huet en éischten Avis, den eigentlechen Avis den 22. März 2005 an en Avis complémentaire de 5. Juli 2005 ginn.

Eis Kommissioun huet ugefaange mat schaffen den 10. Mee 2005. Ech soen dat, fir dass ee weess, wéi d'Ofleef waren, fir awer och drop hinzewiesen, dass de Statsrot eng Opposition formelle ausgedréckt hat an och gefrot hat, dass eng Rei vun Texter géinge verännert ginn. Mir hunn deem Rechnung gedroen, ouni awer grondsätzlech um eegentlechen Text eppes ze verännern.

Mir waren eis bewosst, dat muss een ënnersträichen, dass mer eng Prioritéit hei gesinn hunn, fir dass ab dem Schouljoer 2005/2006 dës Ëmwandlung geregelt ass, an dass mat deem Ëmwandelen d'Regele vum Fonctionnement an de generale Kader vum postprimaires Unterrecht am Allgemeinen a vum techeschen Unterrecht am Spezieschen erapasse sollen.

Vu Bedeitung ass och an deem Zesummenhank, datt dat vun dësem héijen Haus hei den 1. Juni verabschiedet Kadergesetz fir d'Personal vum Enseignement secondaire a vum Enseignement secondaire technique seng Uwendung fënnt.

En neie Lycée technique op der Basis ze schafe vu méi wéi 30 Joer Erfahrung an Erfolleg, bedeit och eng Chance fir dat, wat gutt war, nach besser ze maachen, dat heescht d'Optimiséiere vun den aktuelle Studien.

Mä et gëtt och hei, Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, e puer Schéinheitsfeeler, déi een offen uschwätze soll. Et sinn déi eigentlech classesch Problemer, déi mer, wa mer iwwer eise Schoulsystem schwätzen, ëmmer erëm fannen an ëmmer erëm nennen. Ech nennen do virun allem de Problem vun de Chargés de cours an de Problem vun de Gebailechkeeten, also vun den Infrastrukturen. Vlächert erliewe mer eng kéier an der Zukunft, dass mer en neie Lycée gründen an en neit Schoulgebaai scho fäerdeg do stoen hunn, fir dass dat eigentlech an der Logik dee richtegen Oflaf hätt.

**Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President, därerf ech d'Wuert kréien, wann ech gliff?

**M. le Président.** - Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Anne Brasseur (DP).** - Wann den Här Castegnaro d'accord wier, wëllt ech him just soen, dass mer an där Situatioun waren an déi awer net gutt war. Et war e Schoulgebaai fäerdeg um Geeseknappchen, mä et gouf nach kee Gesetz fir et fonctionnéieren ze dinn. Dat war de Lycée Aline Mayrisch. Dat war eng Situatioun, an déi mer awer och net méi därerfe kommen. Do war iergendwéi en Décalage entstanen, dee wierklech net ze begréisste war, esou dass mer e Schoulgebaai haten, an de Lycée konnt net fonctionnéieren.

**M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.** - Madame Brasseur, mir hunn elo eng nei Regierung, en neie Minister, an et kann een et nach just besser maachen.

**(Interruptions)**

Ech géing et méi logesch fannen, wa mer Schoulgebaier an Infrastrukturen hätten, fir all eis Schoulproblemer geléist ze kréien. Ech bleiwen där Meinung, dass dat méi logesch wier wéi de Contraire.

Den IEES vun haut, dat si 95 Beschäftegt, dovun 80 Enseignanten. Dat sinn de Moment 665 Schüler am Beräich Educateur - eng Zuel, déi mam Schouljoer 2005/2006 op 715 an d'Luucht klëmmt. Da wëll ech trotz allem nach eng kéier d'Précaritéit vun de bestehende Schoulinfrastrukturen op zwee Siten - Léiweng a Fenteng - ervirstächen, woubäi Fenteng fir de 15. November vun dësem Joer verlooss muss ginn an dann zu Léiweng e grouse Raum opgedeelt gëtt, fir zousätzlech Schoulsäll ze maachen, ouni dass awer genügend Capacitéit entsteet.

A wann ee weess, dass déi dräi Joergäng, déi do geléiert ginn, oft mateneen do sinn, dann ass dat Gebai, wou dat elo alles ofleeft, einfach ze enk. An eng provisoersch Containerléisung, déi gesicht ginn ass, war bis elo och net méiglech. Dat, wat elo noutwendeg ass a prioritär ass, ass eng Grondsatzentscheidung fir e staatlecht Gebai ze bauen, fir dat an de Plan directeur betreffend dem Bau vu Schoulen opzehuelen. Ëmsou méi, dass mer wëssen, dass mer awer bal aacht Joer brauchen, fir en neit Gebai ze realiséieren.

Da wëll ech dobäifügen, dass nieft dem Prinzip selwer och d'Standuertfro eng Bedeitung huet. Ech sinn der Meinung, dass vu dass d'Mass vun de Schüler aus dem Zentrum an aus dem Süde kommen, de Standuert sech och do sollt ermënnen.

Mir sinn also gefuerdert, well déi besch Schoul ass déi, wou all d'Voraussetzung fir en optimaalt Zesummeliwien an Zesummeliere gi sinn.

En aneren typesch Lëtzeburger Problem, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ass dat vun de Chargés de cours. Och wann et am IEES e bëssen anescht ass, dann dofir well déi Betreffen - et sinn der ronn 30 un der Zuel - ab dem Joer 2000 an deem Sënn reguliséiert gi sinn, dass hiren Aarbechtsvertrag an en dauerhafte Vertrag, also e Contrat à durée indéterminée ëmgewandelt ginn ass. E Fortschrëtt, mä keng Léisung, wéi se zum Beispill fonnt gi war bei der Verstaatlechung vun der Infirmierschoul, wou et eng total Reguliséierung ginn ass.

Hei ass eng Chance verpasst ginn am Interesse vun deene Betreffenen, an dat wëll ech ënnersträichen, déi zu de Pionéier vun der Schoul gehéieren an déi et menger bescheidener Meinung no verdéngt hätten, eng definitiv Reguliséierung ze kréien. Mä et ass dru gescheitert, well mer iwwert d'Hal-

tung vum Ministère de la Fonction publique déi Léisung net fonnt hunn, an et ass erëm eng kéier drop higewise ginn - mir hunn dat déi lescht Wochen hei e puermol am Zesummenhank mat Schoulprojeete gesot -, dass eng global Léisung fir déi ronn 500 Chargés de cours soll ugestriift ginn, déi et nach am Enseignement secondaire an am Enseignement secondaire technique gëtt.

D'Argumenter sinn ëmmer déiselwecht. Et soll kee Prezedenzfall geschaf ginn, an et misst een där komplexer Personalkaderstruktur beim Stat Rechnung droen.

Da soen ech mat vill Vehemenz, dass ech hoffen, an ech gleewe jiddferen heibannen, dass mer déi Regulariséierung, déi global, dann endlech kréien, och am Interesse vum Schoulfridden, well och do vill Energie an Zäit fir näischt verluer geet.

Ech wëllt awer och op eng aner Verännerung an deem neie Gesetz hiweisen, eng Verännerung par rapport zum IEES, nämlech déi, dass déi bis elo festgeschriwwene Formation continue am Lycée nach just op Beschloss vum Minister ka méiglech sinn. Och do gëtt erëm eng kéier drop higewisen - wéi dat elo méi oft de Fall war -, dass do an engem speziesesche Gesetz misst légiféiert ginn.

An do soen ech, och dat preséiert, well mer jo net nëmmen a Sonndesrieden, mä och haut a bei villen anere Sitzungen ëmmer am Kontext vum „lifelong learning“ vun der Lissabon-Strategie vu Kompetitivitéit a schlussendlech vu Vollbeschäftegung iwwert déi Saache schwätzen, a se dann och mussen ëmsetzen an all Viraussatzunge schafen, datt dat kann an alle Situatiounen stattfannen.

An nach eng lescht Iwwerleung. Eigentlech brauch ech net méi op alles aus dem Rapport anzegoen, mä wou ech wëll drop hiweisen, well et mer um Häerz läit, dat ass nämlech dat, dass d'Sozialberuffer bei eis zu Lëtzebuerg zënter de 70er Joren un Attraktivitéit gewonnen hunn. Wann et fréier Rekrutierungsproblemer an dësem Land gouf, well mer net genuch Leit hatten, déi déi Formatiounen hatten, sou ass dat haut net méi de Fall.

Ech hu gesot 715 Meedercher a Jongen, haauptsächlech Meedercher, sinn ab 2005/2006 an der Schoul. A wann ech drop hiweisen, dass iwwer 80% weiblech Schüler sinn, da fir och op deen Aspekt hinzewiesen, deen dat herno um Aarbechtsmaart fënnt, nämlech dass een e relativ héijen „turnover“ huet, dass also besaten Aarbechtsplazen och mat Momenter fräi gesat ginn an erëm kënnen nei besat ginn.

Mä wichteg ass et, an dofir soen ech et, dass ee muss Suerg droen, dass mer déi beschtméiglechste Berufsorientéierung hunn an dass mer och Transparenz um Aarbechtsplazbedarf hunn, fir dass mer net an eng Situatioun géngen eragerode vun Iwwercapacitéiten, an dass mer och net an eng Situatioun era géinge geroden, elo duerch d'Trennung vun der Formation vun de Graduée par rapport zu den Educateurs, dass do eng kéier e falschen an onnéidege Konkurrenzkampf um Aarbechtsmaart géng entstoen.

Ech wollt awer och, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, drop hiweisen, dass ee just elo muss oppassen net duerch falsch politesch Signaler d'Interesse vun eiser Jugend un dëser Ausbildung verluer goen ze loossen an et esou ze maachen, dass jonk Leit keng Zukunftsperspektive méi gesinn. Ech denken un déi politesch Signaler vun Ëmännerungen an der Finanzéierung a gewëssene Beräicher. Mir wëssen, dass mer laang gebraucht hunn - ech hunn dat scho gesot - fir déi Villfalt u Sozialberuffer hei zu Lëtzebuerg ze erméiglechen. An dozou huet och gehéiert, dass mer et fäerdeg bruecht hu



gutt Loun- an Aarbechtsbedingung- e fir e schwéieren, mä en nout- wendege Beruff ze schafen, an do- mat an allen Hisiichten attraktiv ze maachen.

Dofir soen ech, d'Diskussiounen iwwer eventuell Verännerunge vum Finanzéierungsmodus bei der Behënnerten-, bei der Jugend- a Kannerbetreuung, riskéieren net nëmmen e Qualitéitsabroch, mä en Attraktivitéitsverloscht an domat vläicht dann awer an Zukunft erëm en neie Mangel un héich qualifi- ziertem a motiviertem Fachper- sonal ze schafen, an domat erëm e verstärktere Réckgrëff op Grenzgänger auszeléisen, an do- mat à la rigueur dann och erëm eng Kéier de Konkurrenzkampf um Aarbechtsmaart zwëschent Rési- danten a Grenzgänger ze relan- céieren.

Mir sollten also déi Attraktivitéit kengem Risiko aussetzen. A mir sollten déi Qualitéit vun där Schoul benotzen, fir méiglechst vill jonk Mënsche gutt auszebilden, hinnen awer a kengem Moment och nach nëmmen d'Unedeitung vun enger lwwercapacitéit zoukommen ze loossen. Dat wier net de richtege Wee.

Mä dozou gehéiert et, dass een niewent dem Schafe vun engem neie Lycée och dofir suergt, dass d'Ëmfeld stëmmt. An dozou ge- héiert dann eben dee politesche Wëllen, fir en optimaalt Ugebu- et am Sozialberäich, mä och an allen anere Beräicher, wou haut Educa- teuren an Educateurs gradués schonn agesat ginn, an nach kéinten a missten agesat ginn, fäerdeg ze bréngen. Dat géing dozou bäi- droen, dass mer besser, méi sozial a méi gerecht Oflee am Interesse vun allen, déi an eis Schoule ginn, déi Problemer hunn, déi de Stat brauche fir eng lwwerleiwenschan- ce an eng Zukunftsperspektiv ze hunn, kéinte garantéieren.

Ech soen nach eng Kéier menge Kolleeginnen a Kolleegen aus der Kommissioun Merci, dem Sekretariat Merci. Ech bieden dat héicht Haus dëse Projet de loi ze akzep- téieren an ech wëll och gläichzäi- teg den Accord vu menger Frak- tioun hei matdeelen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Merci, Här Castegnaro. Dann huet d'Wuert d'Madame Gantenbein. Well mer ëmdisponéieren, wann d'Madame Brasseur d'accord ass. Madame Gantenbein, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (CSV).** - Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Hären, als Bierge- rin vun der Gemeng Hesper am All- gemengen a vu Fenteng am be- sonneschen kennen ech d'Ge- schicht vum IEES vu Fenteng wéi meng Jackettentäsch. Et ass eng „success story“, sou hu mer se er- lieft, an et gouf och zur Zäit, wéi nach déi zwou Formatiounen do waren, alt emol gelächelt an et gouf gesot „d'Fentenger Univer- sitéit“. Mä mir waren houfrech drop. Den IEES huet eiser Gemeng ee gewëssene Cachet ginn an en huet der Sektoun Fenteng zu en- ger Visibilitéit an zu enger Plaz op der Lëtzebuenger Landkaart ver- hollef, déi se virdrun net hat.

Dir Dammen an Dir Hären, de wierklech excellenten an déifgrën- nege Rapport vum Här Castegnaro huet d'Problematik an och d'Weite vun deem Projet de loi, ech géif och soen d'Déift vun deem Projet de loi dokumentéiert. Meng Inter- ventioun haut de Mëtten, dat ass eng kleng aner.

Et ass gewosst, dass mam Univer- sitéitsgesetz vum 12. August 2003 et zu gréisseren Ëmwälzungen am Lëtzebuenger Héichschoulweise komm ass, déi och virum IEES net Halt maachen an op déi et gëllt Äntwerten ze fannen, fir och nach

weiderhin eng gutt Formatioun am socio-éducativë Beräich kënnen ze garantéieren.

Et muss een dës Formatioun vum Educateur a vum Educateur gra- dué, oder besser d'Entwécklung vun dëser Formatioun, virum Han- nergrond vun der gesellschaftle- cher Evolution an de leschte véier Jorzéngte gesi fir ze verstoen, wéi wichteg dës Formatioun haut am Joer 2005 ass.

Wann ee sech fir de Beruff vum Educateur entscheet, dann ass dat kee Choix wéi een aneren. Et ass e bewosst Engagement, fir sech haaptberufflech an den Dénsgsch- tu Kanner, Jugendlechen, Handi- capéierten, eeleren an demente Leit ze stellen, also an den Dénsgsch- tu vun deene vermeindlech Schwaachen an eiser Gesellschaft. Si huelen eng grouss Responsabi- litéit op sech fir déi Leit, déi se be- treien, an och fir sech selwer, well se dagdeeglech mat Situatiounen konfrontéiert sinn, déi fir den Nor- malbierger an enger schnellliewe- ger Gesellschaft oftmools aus dem Bléckfeld geroden.

Dofir ass d'Formatioun an deem Beräich déi wichtegst Komponent, fir de beschtméiglechen Encadre- ment ze offréieren.

De Rapporteur vum Gesetzespro- jet 3144 iwwert d'Organisatioun vun de socio-éducativë Studien, wat herno d'Gesetz vum 6. August 1999 ginn ass, aus dem och den IEES ervirgaangen ass, war dee- mools de fréieren a leider vill ze fréi verstuerwenen CSV-Deputéierten a Vize-President vun der Chamber Willy Bourg, deen an der Chamber- debatt vum 12. Juli 1990 gesot huet, ech zitéieren en net, ech weise just drop hin, dass a senger Ausso deemools d'Besoinë vun en- ger Gesellschaft duergeluecht gi sinn, déi vläicht haut en anere Ca- chet hunn.

Deemools ass vill a praktesch nëmme vun Defiziter geschwat ginn, déi an der Gesellschaft op- trieden an op déi d'Politik sollt Änt- werte fannen. Haut, géif ech soen, huet d'Betätigungsfeld vum socio- éducativë Personal sech geännert an ech géif och soen, dass d'Pro- blematiken, wa se och deelweis déiselwecht si wéi deemools, haut trotzdem e wéineg anescht sinn.

Et war an et ass haut e Secteur, dee vill Aarbechtsplaze geschaf huet an och nach ëmmer schaaft, well d'Besoinen ëmmer méi grouss ginn a well déi Besoinen haut och nach zousätzlech anerer Natur sinn. Ech denken do un d'Presenz vun den Educateuren an der Édu- cation précoce, an de Structures d'accueil an/oder an de Maisons relais. Dat ass de Kontext vun dë- sem Gesetzesprojet iwwert den technesche Lycée fir Beruffer am socio-éducativë Beräich, dee mer haut an dësem Haus wëllen disku- téieren.

Här President, ech wëllt awer e Bléck zrëckwerfen op d'Entwéck- lung vum Secteur socio-éducatif hei zu Lëtzebuerg. Nom Enn vum Zweete Weltkrich bis Enn de 60<sup>er</sup> Jore war d'Action éducative et so- ciale, mat Ausnahm vun den En- seignant an Primaire an de Prof- fen am Secondaire, nach an hire Kannerschong. Eng professionali- séiert Aarbecht mat hëllefbedierfe- te Kanner duerch e speziell ge- schoulte Personal op verschi- denen Niveaue gouf et net.

En éischte Germe vun engem méi professionellen Ëmgang mat dëse Kanner ass 1973 ervirgaange mam Gesetz vum 14. Mäerz 1973 iwwert d'Schafung vun Instituter a Ser- vicer an der Éducation différen- ciée. D'Schafung vum Institut an de 70<sup>er</sup> Joren huet sech an eng Zäit integréiert, wou Foyers de jour, Crèche, Maisons d'accueil a Jugendhaiser ëmmer méi zu Konstanten an eise Gemeenge gi sinn. Eng Entwécklung, déi sech och op d'Besoinen u qualifiziertem Personal iwwerdroen huet an déi daitlech gemaach huet, dass sech de socio-éducativë Beräich huet missen opmaachen, fir sech

op aner Beräicher, wéi beispills- weis Jugendbetreiuung, schwéier erzéibar Kanner an esou weider ze erstrecken.

Et ass eng Entwécklung, déi sech an de gesellschaftleche Wandel vun der Zäit afügt, e Wandel, dee bis haut nach net definitiv ofge- schlo ass. D'Programmer an der Formatioun hunn deem misse Rechnung droen, andeems se un dës nei Demanden hu missen uge- passt ginn.

An den 80<sup>er</sup> Joren hunn d'Moniteu- ren an d'Educateuren an Institute fir handicapéiert Kanner geschafft souwéi an de Centres de propé- deutique professionnelle, a Kan- ner- a Jugendhaiser, a Crèche, a Maisons d'éducation, am Prisong, an Internater am Postprimaire, wat beleet, dass sech de Secteur ëm- mer weiderentwéckelt huet, ouni dass d'Politik dësen Trend ausree- chend erkannt an encadriert hat. D'Physiognomie vum socio-éduca- tivë Secteur hat sech innerhalb vun zwee Jorzéngte grondleeënd geännert, wat de politeschen Handlungsbedarf ëmmer méi ën- nerstrach huet.

Mam Gesetz vum 6. August 1990 goufen déi socio-éducativ Studien nei organiséiert an den IEES an d'Liewe geruff, also deen Institut, dee mer mat dësem Gesetz of- schafen. Aus der Appellatioun vum Moniteur ass déi vum Educateur ginn, an aus dem Educateur ass den Educateur gradué ginn. D'Dauer vun de Studië gouf verlän- gert an d'Missioun vun der Forma- tioun continue gouf offiziell an dëse Gesetzestext integréiert. Domad- der gouf eng wichteg Trendwend agelaut an engem Beruff, deen an de kommende Joren ëmmer méi beléift sollt ginn. Den Här Cas- tegnaro huet dat jo och mat Zuele beluecht.

1995 hu sech erëm eng Rei Adap- tatiounen opgedrängt, dës Kéier um Niveau vun den Etüde vum Educateur. D'Chamber hat an der Debatt zum viregt genannte Ge- setz vun 1990 eng Motioun adop- téiert, wou d'Regierung ënner ane- rem invitéiert gouf, an ech zitéie- ren, «à réaliser, en cas d'expertise positive, l'équivalence des di- plômes du secondaire technique et de la formation du personnel socio- éducatif».

Dat ass schlussendlech 1995 am Kader vum Gesetz iwwert d'Reor- ganisatioun vun den öffentlechen a privaten Infirmereschoule ge- schitt, andeems d'Studien zum Educateur u sech och op Héich- schoulstudië sollte virbereeden. Et war also eng weider Unerkennung vum Secteur an hat op d'Noutwen- degheet higewisen, fir sech weider an dësem Beräich am Kader vun engem Héichschouloupenhalt ze spezialiséieren.

Mam Universitétsgesetz vum 12. August 2003 sinn d'Educateur- gradué-Studien an d'Uni Lëtze- buerg integréiert ginn, woubäi d'Etüde vum Educateur mam vir- leiende Projet an den neien tech- nesche Lycée fir Beruffer am socio- éducativë Beräich integréiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dësem historieschen Ex- kurs an d'Geschicht vum socio- éducativë Secteur, zrëck zu eiser Gesetzesvirlag. Ech hunn d'Gefill wéi wann déi Responsabel vum IEES eng gewësse Besuergnis iwwert déi rezent Entwécklung hät- ten, déi engersäits duerch déi nei geschafenen Uni Lëtzebuerg hiren Ufank an duerch den neien tech- nesche Lycée hiren Ofschloss fënn. Op hirer Homepage steet nämlech ënner anerem nozeliesen, an hei muss ee vläicht tëschent den Zeile liesen:

«Depuis 2003, une nouvelle étape importante a été franchie. Les études d'éducateur gradué ont été intégrées dans l'Université du

Luxembourg, et la section des études d'éducateur est progressi- vement intégrée en un nouveau Ly- cée technique pour professions éducatives et sociales. En d'autres termes, l'Institut d'Études Éduca- tives et Sociales (IEES), qui a été officiellement créé en 1990 et s'est très solidement développé depuis lors, cessera au cours de l'année 2005 ses missions; institutionnelle- ment parlant, il n'aura pas atteint „l'âge de la majorité“.

Et steet ausser Zweifel, dass den IEES eng Experienz, en Erfah- rungsvolumen entwéckelt huet, déi am Kontext vum neien technesche Lycée net dierfe verluer goen. An et huet een e gewëssent Verständ- nis, wann déi Enseignanten a Pro- fesseren, déi mat vill Engagement während Jorzéngten dësen Institut opgebaut hunn, sech Gedanke maachen iwwert d'Zukunft vun hi- rer Formatioun. D'Dispositions tran- sitoires, denken ech, garantéieren den Transfert vum Wëssen, vum Know-how a vun Erfahrungs- wäerter. Ech mengen, dass d'Ap- proche vun der Regierung eng verstänneg ass, well den Know- how souwuel op Universitëits- niveau wéi och um Niveau vum Ly- cée einfach récupéiert gëtt.

D'Experienz fléisst mat a beim Op- bau vun deenen zwee Enseigne- menter. D'Formatioun vum Educa- teur eegestänneg fonctionnéieren ze loossen, onofhängeg vum gene- relle Kader vum Lëtzebuenger En- seignement, mat besonnesche Re- gele beim Recrutement vun den Enseignanten, der Admissioun an der Promotioun vun de Schüler, wier, an dat war och d'Meenung vun der Kommissioun, net de rich- tege Wee gewiescht. Duerfir men- ge mir als CSV-Fraktioun, dass et besser ass - an dat gëtt jo och mat dësem Gesetzestext elo Realitéit -, dass dës Formatioun an de Kader vum Enseignement secondaire technique gesat gëtt, wat jo, wéi ech gesot hunn, mat dësem Ge- setz geschitt.

Zum Schluss, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach eng Fro un d'Ministesch. Madame Mi- nister, am Artikel 3 gëtt drop higew- isen, dass et méiglech ass, d'For- mation en cours d'emploi ze maa- chen, an dass dat géif geregelt ginn duerch Règlement-grand-ducalen. Meng Fro ass, wéi wäit dass et mat dësem Règlement grand-ducal ass a wéi déi Formation en cours d'em- ploi géif ausgesinn, well hei am Land huet se jo praktesch d'duebel Zäit wéi dat wat d'Schüler am Aus- land ugebuede kréien. Ech men- gen hei am Land sinn et sechs Joer. An der Belsch kann een déi Formation en cours d'emploi an dräi Joer maachen.

An dann zum Schluss, trotz enger Tréin am Knapplach, weinst dem Départ vum IEES fort aus eiser Ge- meng, net well mer se fortjoen, mä well mer d'Haus mussen récupérie- re fir eis Besoinen am Primär- schoulunterricht, wënschen ech dem Lycée technique pour profes- sions éducatives et sociales séier en neit Doheem an e gegléckene Start am Hierscht, an ech ginn och heimadder selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun zu dë- sem Gesetz.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Merci, Ma- dame Gantenbein. Dann huet elo d'Wuert d'Madame Brasseur. Ma- dame Brasseur, wann ech gelift.

**Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et muss ee sech freeën, dass et elo nach een Dag éier d'Parlament ophält zum Vote hei kënt iwwert d'Schafung vum Ly- cée technique pour professions éducatives et sociales.

Wann ech soen, et muss ee sech freeën, dass ass well et eng Néces- sitéit ass. Well ech froe mech, ën- ner welleche Bedingungen am Hierscht d'Schoul hätten kënnen wei-

der fonctionnéieren, wa mer dee Projet de loi, dee viru méi wéi en- gem Joer déposéiert ginn ass, haut net hätte kënnen stëmmen. Dat ass eng prinzipiell Remarque, déi ech wollt maachen.

Wann et laang dauert bis mer Schoulgebaier opriichten, esou dauert et awer och an der Procé- dure oft laang vum Dépôt vun en- gem Gesetz bis zu dem Ofstëm- men, an dat ass net gutt, well hei si mer an der Situatioun, dass - an de Rapporteur huet et gesot a meng Virriednerin huet et gesot - mer duerch d'Schafung vun der Uni Lëtzebuerg déi ganz Struktur vum Institut, deen d'Formatioun vun den Educateuren an Educateur-gra- duéë gemaach huet, op d'Kopp gehäit hunn. An dat ass jo eppes, mat deem mer jo all d'accord wa- ren. Mä da muss eppes amplaz kommen!

**(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)**

Ech wëllt hei net an den Detail goen, well den Här Castegnaro huet dat als Rapporteur a sengem mëndleche Rapport wéi och a sen- gem schrëftlechen excellent ge- maach, an d'Madame Gantenbein ass elo grad op d'Geschicht agaange vun deem Ganzen, vun der Formatioun vun den Educateu- ren hei zu Lëtzebuerg, esou dass ech dat och net brauch ze widder- huelen.

Mä mir sinn hei an engem Kader, dass, wéi mer d'Gesetz vun der Uni Lëtzebuerg gestëmmt hunn, sech do d'Fro gestallt huet: Wat geschitt elo mat den Educateuren, déi jo net zum Supérieur gehéie- ren? Do ware véier Optiounen, déi sech ginn hunn.

Déi éischt Optioun wier déi ge- wiescht, den Institut esou wéi e bis elo bestanen huet, minus d'Forma- tioun vum Educateur gradué, als Institut virubestoen ze loossen. Dat hätt awer als Désavantage gehat, dass all déi Problemer, déi sech stellen, wat d'Personal ubelaangt, wat d'Strukturen ubelaangt, domat net geléist wieren, an dass mer hei en Institut weider à part gehat hät- ten, deen nieft all deenen anere Formatiounen hei zu Lëtzebuerg gelaf wier, esou dass dat net déi beschte Solutioun gewiescht wier.

Eng zweet Léisung wier gewiescht, dass déi Formatioun, déi fir d'Edu- cateure gemaach gëtt, un en anere Lycée technique oder un aner Ly- cée-techniquen als zousätzlech Formatioun ugehaange gi wier. Wann een dat gemaach hätt, da wier een zu enger Regionalisatioun komm vun de Formatiounen. Eng Léisung, déi net gutt gewiescht wier, well mer hei eng Spezifissitéit hunn, Personal hunn, wat en Know- how brauch an eng extra Organi- sation vun enger Schoul, esou dass dat och net d'Léisung ge- wiescht wär.

Da wär eng drëtt Méiglechkeet ge- wiescht, dass mer de Lycée tech- nique pour professions de santé an zwee gespléckt hätten, engersäits d'Ausbildung vun den Infirmeren an Infirmeren an anerersäits d'Ausbildung vun den Educateu- ren an Educatrices. Mä och do huet een awer séier gesinn, dass dat net déi beschte Léisung wier, well d'Ausrichtung vun deenen zwou Formatiounen awer eng ganz aner ass, esou dass déi véiert Léi- sung, hei en eegene Lycée tech- nique ze kreéieren, zrëckbehale ginn ass.

De Conseil d'État seet a sengem Avis, dat wier keng gutt Léisung, mir hätten elo hei esou eng Forma- tion à part, an da weist hien awer drop hin, dass dat och an anere Schoulen de Fall ass. E weist op d'Professions de santé hin; e weist och op d'Hotelschoul hin, an da weist en zum Beispill op de Lycée technique des arts et métiers hin. Ech weess net, wat de Conseil d'État domat gemengt huet. Ech mengen, do ass eng kleng Confu- sioun gewiescht, wéi dat geschriw- we ginn ass.



Et schéngt mir wichteg, dass een hei en extrae Lycée technique fir d'Formation schaaft, well een - an d'Madame Gantenbein huet dat gesot - hei op d'Expéiencë konnt opbaue vun all deene Joren, déi hei ugesammelt gi sinn, fir eng spezifesch Schoul draus ze maachen, déi awer ënnert deeneselwechte Regele fonctionnéiert wéi déi aner Lycée-techniquen.

Dat ass jo 1973 ugaangen deemools mat dem IFEM, dem Institut de Formation pour Educateurs et Moniteurs, ier dann d'Gesetz 1990 gestëmmt ginn ass vum jëtzege IEES. Et war awer eng Schoul, zu där vill Idealissem gehéiert huet, well et eng Schoul war, déi geschaf ginn ass ouni e Personal kader nach eng Infrastruktur. A wann och duerch d'Gesetz vun 1990 verschidde Personalproblemer geléist gi sinn, esou sinn anerer awer derbäikomm, an de Problem vun der Infrastruktur ass bis haut leider net geléist ginn.

D'Formation, déi do ugebuede ginn ass, ass natierlech op eng enorm Résonance bei de jonke Leit gestouss. Éischstens, well et eng attraktiv Formation ass, mä och well duerch de Gesellschaftswandel Leit mat där dote Formation do-bausse gebraucht gi sinn an all deenen Domänen vum socio-éducativë Beräich.

Am Gesetzesprojet steet jo och, dass een d'Formation kënn ausbauen op verschidden Niveauen. Well et brauch ee Leit am socio-éducativë Beräich, déi a verschidde Sparten an Niveauen ugesiedelt sinn.

Ech hu gesot, dass bis elo deem Institut Schwierigkeiten hat, well d'Personalstruktur net geklappt huet. Si hate verschidde Leit duerch d'Gesetz zougestane kritt. Mä wat den Enseignement général ubelaangt, stoung am Gesetz iwwert den Institut, et géingen Enseignanten aus anere Schoulgebaier détachéiert ginn. Dat ass eng Léisung gewiescht, déi bis elo fonctionnéiert huet, mä déi net glécklech war - fir kee vun deene Bedeelegten. Besonnesch net fir d'Schoul, well d'Schoul domat net hiren eegene Corps konnt rekrutieren an esou zu engem Corps maache konnt.

Dann ass derbäikomm, dass mer all déi Leit als Chargés de cours haten, déi en onséchere Statut hatten. Gott sei Dank kruten si am Joer 2000 méi Sécherheet, mä och dat huet de Problem net geléist. An ech hat d'lescht Woch hei gesot, wa mer eppes schafen, da muss mer ons als Stat och d'Moyenné ginn, fir dat duerno fonctionnéieren ze dinne, an da kann een net soen, wéi mer dat gemaach hu beim SREA, beim Service rééducatif ambulatoire, dass mer da Crédits d'heures iwwert de Budget huelen, an da ginn doriwwer Leit bezuelt an dat geet während Joren esou virun, mat där Onsicherheit, déi dat fir d'Leit bedeit, an och mat där Fluctuation, déi dat beim Personal bedeit.

Hei hu mer eng Situation gehat, déi net esou grave ass wéi am SREA, mä awer och eng Situation, déi alles anescht wéi glécklech war. Schwierig ass et, wann ee Personalstruktur schaaft am Enseignement, wat net déi typesch traditionell Enseignementsfächer sinn, an dass een nei Fonctiounen do schaaft, schéngt mer awer wichteg ze sinn, well hei gi jo och aner Matière enseignéiert wéi dat an engem typesche Lycée technique ass.

De Conseil d'État hat eng Opposition formelle ugemellt, well e gesot huet, et geet dach net, dass hei e Lycée technique och kann nom Bac technique Spezialisten ausbilden. An och do mengen ech, dass de Conseil d'État awer a senger Attitüd net ganz richtig louch a sengem Avis, well bei de Professions de santé ginn och nom Bac technique an nom Infirmiersdiplom Spezialisten ausgebild.

De Conseil d'État schreift a sengem Avis, dat géing an den Enseignement supérieur gehéieren. Mä mir sinn hei an enger Weidderbildung, an enger Berufsschulbildung. Dat ass eppes ganz anescht. Ech gesi wierklech net an, wéi d'Uni Lëtzebuerg beispillsweis soll Hiewammen ausbilden, fir e Beispill ze huelen aus dem Santéberäich, an hei brauche mer och nom Educateur Spezialisten, an et wier gutt gewiescht, wa mer dat kënnten an deem Beräich vum Lycée technique effektiv maachen, déi den Know-how hunn, déi wëssen, wou d'Besoinen um Terrain sinn an déi d'Personal hunn.

Menger Meinung no muss ee sech nach eng Kéier iwwerleeën, wéi dat da virugeet, well déi weidderbildend Berufsausbildung kann ee menger Meinung no jo awer net am Enseignement supérieur usiedelen. Ech sinn och frou, dass d'Madame Modert hei ass. Si kann dat da mat der Madame Delvaux klären, wou do d'Trennlinn ass. Mä menger Meinung no besteet eng Confusion tëschen Enseignement supérieur, wat eng akademesch Ausbildung ass, an enger weidderbildender professioneller Formation, wéi se hei ugestriift ass. Menger Meinung no muss een dat nach eng Kéier analysieren.

Da wollt ech nach, Här President, ee Wuert soen zu der Infrastruktur. Ech hunn am Ufank gesot, et huet vill Courage dozou gehéiert déi Schoul opzebauen, vun 1973 un. Ech wëll wierklech all deene Leit, déi do geschafft hunn, e grouse Merci soe fir hiren Engagement an dass si un hir Iddi gegleeft hunn, wéinst de Schwierigkeiten, déi do waren, a bei der Infrastruktur, an ech mengen d'Madame Gantenbein ass am beschte placéiert gewiescht fir iwwert déi Problematik ze schwätzen, mä, de Rapporteur huet et och ugeschwat, déi Infrastrukturproblemer konnte leider net geléist ginn.

An den Här Castegnaro huet elo grad gesot, mir géinge wëssen, dass e Schoulgebaier géing aacht Joer brauchen. Ech froe mech, ob een hei net soll op eng Léisung zréckgräife wéi beim Neie Lycée, deem awer an dräi Méint ka realiséiert ginn. Well hei schéngt et effektiv...

#### (Interruption)

Also, wann ech d'Situation kucken, wéi se elo am Moment zu Léiweng ënnerbruecht sinn, dat ass wierklech kee Palais. An ech froe mech, ob een net kann awer op en anere Wee an der Prozedur goen, quitte dass et Container sinn - well Containeren kënnen och haut vu ganz gudder Qualitéit sinn -, mä wou een eng Infrastruktur huet, déi awer appropriéiert ass. Well déi zu Léiweng, déi do ass, entsprécht wierklech net deene Konditiounen. Et ass nun eemol esou, dass d'Gemeng Hesper dat do brauch.

Ech wier frou gewiescht, muss ech éierlech soen, an ech riichten hei kee Reproche u keen, wann déi Léisung schonn éischer hätt kënnen fonnt gi fir eng definitiv Infrastruktur. Mä et ass jo beim Neie Lycée eng nei Prozedur geschloen ginn. Dofir froen ech mech, ob een net kéint hei op dee Wee goen, fir dass mer awer méi séier virukéimen.

Den Här Castegnaro huet och gesot, et misst ee kucken, wann een eng Schoul géing schafen, dass dann och de Bau misst prett sinn. Mir haten eng Kéier eng Motioun hei ugeholl, vrun e puer Joer, wou d'Chamber d'Regierung opgefuerdert huet, dass all Kéiers beim Schloss vun engem Bau och gläichzäiteg de Lycée geschaf gëtt, fir dass béides ka matene wuessen. Dat ass zu Mamer net geschitt, well do wor de Bau amgang.

Mä déi éischte Kéier, wou dat virgeholl ginn ass, dat ass fir de Réidener Lycée. An dat wor, menger Meinung no, och déi Prozedur, déi

ee sollt maachen. Well da kann een direkt e Responsabelen, en Direkter nennen, deen dee Bau da vun Ufank u mat ka begleeten, wat enorm wichteg ass, fir dass och en Interlocuteur, en Haushär op der Plaz ass. An déi Experienzen, déi gemaach si ginn, an den Här Calmes, deen Noper ass dovun, dee kann dat nëmme bestätegen, dass dat och op der Plaz ganz wichteg ass fir d'Abanne vun deem Lycée an d'Ëmfeld, an d'Noperschaft, an dass dat de richtige Wee ass. Sou dass mer an Zukunft och dee Wee musse goen.

Hei si mer awer an enger ganz anerer Situation. Hei hu mer en Institut wat soll émfonctionnéiert ginn, als Lycée technique. Menger Meinung no ass dat de Wee deen ee muss goen, fir dass mer Personalstrukture kréien an dass mer och eng Struktur kréien, déi deene gläichgestallt ass, mat deenen anere Lycées techniques, an dass mer net hei eppes à part hunn.

Et bleiwen nun natierlech Problemer déi opstinn. Dat ass dee vum Klassement, an do hate mer eng Entrevue mat der Fonction publique, mä dat geet aus dem Kader eraus vun der Education nationale. An déi Problemer, déi sinn op jiddfer Fall nach ze léisen. Ech hoffen awer, dass och à terme eng Léisung fonnt gëtt fir déi Personal froen. Well et ass enorm wichteg, dass eng Stabilitéit an deene Schoulstrukturen och ass, well dat ass am Intérêt finalement vum Enseignement selwer an domat am Intérêt vun deene jonke Leit, déi do hir Ausbildung fannen.

No deene Remarques, Här President, wollt ech den Accord vun der DP-Fraktioun zu deem Projet bréngen.

Ech soen lech Merci.

**M. le Président.** - Merci, Madame Brasseur. Déi nächst Riederin ass d'Madame Loschetter. Dir hutt d'Wuert, Madame Loschetter.

**Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass hei scho gesot ginn, dese Projet de loi, deen haut gestëmmt gëtt, ass eng weider Etapp, eng wichteg, déi erreecht ginn ass, an deem eigentlech mouvementéierte Parcours vun deser Schoul.

Dobäi geet d'Geschicht vun der Ausbildung vun de soziale Beruffer nach vill méi wäit zréck, an ech géif mer gären erluben e bësselche méi wäit zréckzegoen, bis 1973, fir herno kënnen verschidde Parallelen zu haut ze zéien.

Et war effektiv esou, wéi der schonn e puer gesot hunn: Am Joer 1973 ass d'Education différenciée entstanen, an an deem Gesetz iwwert d'Education différenciée war dann och Rieds vum Educateur de l'éducation différenciée a vum Moniteur vun der Education différenciée.

Et gouf awer keng Schoul fir dës nei Beruffer, et gouf keng Formation, et gouf keng Carrière, et gouf eigentlech guer näischt. Et gouf och nach keen oder ganz wéineg soziale Secteur zu der Zäit. Déi Institutiounen, déi et gouf, wéi zum Beispill d'Rumm oder d'Kannerland oder Betzdorf, oder soss Altersheimer, waren haaptsächlech vun de Congrégatiounen geleet oder vun der Croix-Rouge oder vun der Ligue, déi ufanks vum 20. Jorhonnert entstanen sinn, mat där deemoleger Missioun fir haaptsächlech d'Tuberculose ze bekämpfen. Vun do komme mer also hier.

Déi éischt Kandidaten a Kandidatinnen, fir Educateur oder Moniteur ze ginn, hunn am Institut pédagogique zu Walfer eng Plaz fonnt; si kruten nämlech den ieweschte

Stack ënnert dem Daach, deen ass fir si fräigemaach ginn. An dës éischt Educateuren a Moniteurs hunn och haaptsächlech en cours d'emploi hir Formation gemaach, well se ebe parallel zu hirem Studium schaffe gaangen sinn, sprich de Secteur lues a lues opgebaut hunn.

De Virdeel vun där Zäit war deen, datt d'Studenten an d'Studentinnen aus dem Enseignement scolaire a préscolaire an d'Studenten an d'Studentinne fir Moniteur an Educateur, déi Zäit, all Dag sech begéint hunn. Déi haten all Dag mateneen ze dinne, well se am selwechte Gebai waren, an zum Deel haten se och gemeinsam Coursen.

1985 ass dunn dee Staff vun deenen neie Formationen op Fenteng geplënnert, wou si dann d'Primärschoul vun der Fentenger Gemeng zur Verfügung gestallt kruten; dat ass jo hei schonn esquiséiert ginn. Dunn huet dës Schoul IFEM geheescht, offiziell - méi oder wéiniger - Institut de Formation des Educateurs et des Moniteurs; dat ass och scho gesot ginn, awer och nach ëmmer eigentlech ouni en eegent Gesetz. Ouni een eegent Gesetz wat d'Organisation, wat d'Planifikation, wat d'Gestioun an esou weider ugeet; alles wat zu enger Schoul gehéiert, vun den Enseignanten engersäits, awer och vun de Studenten a Studentinnen. Näischt war définiert. Duerno huet de Stat nach eng Hal an enger Zone industrielle et commerciale zu Léiweng gelout, well d'Fentenger Schoul eben aus allen Néite geplazt ass. An et ass och déi Hal do, déi eigentlech elo dee Lycée technique soll ginn.

Am Joer 1990 war de soziale Secteur a voller Expansioun. Net nëmmen eng nei iwwerduechte Philosophie vu Kannerheemer war entstanen, mä de ganze Behënnertemilieu hat souwuel Schoulen, Berufsausbildungen, Atelier-protégéen, wéi Heimbetreiung, Fräizäitgestaltung an esou weider. Déi éischt Structures d'accueil fir Klengkanner, Crèche, Foyers; all déi Saache sinn och lues a lues entstanen.

Am Joer 1990, dat ass och scho gesot ginn, ass dunn endlech dat éischt Gesetz komm, a wat net gesot ginn ass, dat ass dass dat 17 Joer duerno war. Et kann een et ausrechnen, voller 17 Joer duerno kumt dat éischt Gesetz wat déi Schoul an déi Formation eigentlech définiert huet an aus deem Fenteng a Léiweng ass den IEES ginn, dat ass och scho gesot ginn.

D'Formationen sinn dunn och ëm ee Joer verlängert ginn. Aus dem Educateur ass den Educateur gradué ginn an aus dem Moniteur ass den Educateur diplômé ginn. Mä all déi schonns diploméiert schaffend Leit, dat waren der jo vill, déi an deene 17 Joer duerch déi Schoule passéiert sinn an déi an deene Strukturen geschafft hunn an déi opgebaut hunn an déi d'Formation professionaliséiert hunn, all déi diploméiert schaffend Leit am soziale Secteur hunn dunn nach misse fënnef Joer waarden, bis e Règlement grand-ducal endlech définiert huet, wat dann hir Mesures transitoires, déi Mesuren da wieren, déi si missten huele fir hire Studium weiderzeféieren a fir och kënnen dann deenen neien Titel ze droen.

Dës alles - Dir kënn lech et denken - ouni Changement op der Berufscarrière, weder fir den Educateur diplômé, deen dann domadder eng Première huet, e Bac technique; nach fir den Educateur gradué, deen domadder e Bac+3 huet.

Haut am Joer 2005 soll dann d'Uni Lëtzebuerg, dat ass och scho widerholl ginn hei e puermol, sech ëm den eigentleche Bachelor vun dem/der Educateur(trice) gradué(e) këmmen. A well den Educateur diplômé mam 90<sup>er</sup> Gesetz gläichgestallt ginn ass mam Bac technique, gëtt dann elo endlech - endlech! - aus dem IEES e richtige

Lycée technique pour professions éducatives et sociales.

Awer, an dofir ebe mä klengen Historique, aus enger Tradition eraus - vun 1973 bis haut - ass de socio-éducativë Secteur trotzdeem e bëssen d'Stéifkand vun der Nation bliwwen. D'Berufscarrière vum Educateur, den Educateurs diplômés, berücksichtegt hir dräi Joer Ausbildung an deem spezifische Lycée technique net, de facto gëtt hire Bac technique net unerkannt. Wa se elo beim Stat oder am konventionéierte Secteur agestellt ginn, gi se agestuift wéi een, deen eigentlech seng Troisième oder seng Onzième huet, also gläich e bësselchen engem Expéditionnaire.

Dem Educateur gradué geet et net besser. De facto kritt hie seng dräi Joer Héichschoul, seng dräi Joer Educateur-gradués-Studien no der Première net ugerechent, mä si ginn och erëm eng Kéier parallel zum Stat mam Ufangsgehalt vun engem Redakter agestellt.

Och bei deem neie Lycée technique ass net grad alles esou wéi bei deenen anere Lycéeën, an dat ass och schonn hei ugeklungen. Datselwecht gëllt eigentlech och fir déi Educateur-gradués, déi an deser Schoul ausbilden. Si si praktesch all säit Jorzéngten derbäi, hu matgehollef, dee Secteur opzebauen an d'Ausbildung ze professionaliséieren. Vu datt et jo bis 1990 gedauert huet, bis dann e Gesetz gesot huet, wat da Saach wier an där Formation.

Si kréien haut d'Méiglechkeet, hir Carrière als Maître de cours spéciaux an hirer Schoul weiderzeféieren. Hinne bleift awer trotz hirem Bac+3 an dem Fait, dass si ausschliesslech am Cycle supérieur vun deem Lycée technique enseigner, den Titel vum Professeur d'enseignement technique verspaart.

Et ass schonn erstaunlech wéi d'Regierung respektiv de Ministère vun der Fonction publique et fäerdeg bréngt, deem Educateur gradué wëllen ze erklären, firwat den Educateur gradué an engem Cycle supérieur, mat engem Bac+3, net Urecht huet op déiselwecht Carrière wéi en Infirmier gradué Bac+3 am Lycée des professions de santé. Wat fir deen ee gëllt, misst jo eigentlech och fir deen anere gëllen.

Bon, ouni wëllen deen ee géint deen aneren ausespillen, sou muss ee feststellen, datt et, obwuel et eigentlech eng komplett analog Situation gëtt, souwuel bei de Studiën vun deenen enge wéi vun deenen aneren, obwuel déi zwou Schoulen op deemselwechten Niveau scolaire ausbilden, nämlech ausschliesslech Cycle supérieur vum Secondaire technique, et dach awer symptomatesch ass, datt et grad déi sozial Beruffer sinn, déi ënnerbewäert ginn.

Et ass eigentlech e flagrant Beispill méi an enger ganzer Linn vun Ennerbewäertunge vun deene socio-éducativë Beruffer. Wat e gudde Moosstab ass, nämlech den Infirmier gradué a sengem Lycée technique pour professions de santé mat sengem Gesetz aus dem Joer 1995, gëllt am Gesetz vum Joer 2005 net fir den Educateur gradué am Lycée technique pour professions éducatives et sociales.

Dobäi, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass de soziale Secteur e Secteur, deen haut net méi ewechzedanken ass, gradesou wéi eben déi Professionen aus dem Santésecteur. Wann de soziale Secteur aus där enger oder där anerer Ursaach eng Kéier géng komplett ausfalen - ugeholl si géingen emol eng Kéier radikal alleguerte matenee streiken, aus wat fir engem Grund och ëmmer, - da wier eis Gesellschaft méi behënnert, wéi wann zum Beispill den Transportsecteur oder d'Schoulpersonal aging streiken. Da géng näischt, awer guer näischt méi hei funktionéieren: keng Crèche, keng



parascolaire Infrastrukturen, keng Structures d'accueil fir eeler Leit, fir behënnert Leit, an nach viles méi. Keen normalen Dagesoflaf fir bal jiddereen an eiser Gesellschaft wier da méi méiglech.

Dat ass d'Envergure vun der geleschter Aarbecht am soziale Sektour. Just fir sech dat emol eng Kéier virzestellen. An dofir verdéngt si eng besser an eng méi respektvoll Ausbildungsplaz a besser Ausbildungskonditiounen, wéi dat de Fall ass a wéi dat eigentlech nach ëmmer de Fall war. Dës muss och emol eng Kéier hei kloer op dëser Plaz gesot ginn. Well vill ze vill oft gëtt d'Qualitéit wéi d'Ampleur vun där geleschter Aarbecht säit iwwer 30 Joer net richtig gesinn. A well se net richtig gesi gëtt, gëtt se och net richtig ageschat.

Et ass eigentlech um sozialen Aspekt vun engem Land wou een de soziale Fridden an och de mënschleche Räichtum vun engem Land moosst. Dofir ass et d'autant plus regrettable wann engersäits mir net wëssen, ob een iwwerhaapt vläicht kann herno eng Äntwert ginn, ob mer iwwerhaapt e soziale Bachelor wäerten d'nächst Joer op där neier Uni kréien, an et ass nach méi regrettable, dass een nach ëmmer, no 30 Joer Bestehen, de Lycée technique pour professions éducatives et sociales muss an enger Halsiche goen a gesinn, dass ënner onméigleche Konditiounen dës Formation muss ofgehalen ginn.

E Lycée technique pour professions éducatives et sociales misst sengem Numm no um Niveau CATP ausbilden. Obwuel mir dës nei Méiglechkeet vum CATP begrëssen, déi jo elo soll kommen d'nächst Joer, sou muss mer awer bedauern, dass net oder eben nach net deen neie Lycée technique fir dës Formationen zoustänneg ass. Ech muss soen, dass d'Organisation vun deem neie CATP dach e bësselchen iwwerstierzt schéngt.

Engersäits gëtt elo e spezialiséierten technesch Lycée kreéiert, dee mat laangjährege qualifizéierten Enseignantë gestaffelt ass, an da gëtt parallel eng nei Formation CATP „auxiliaire de vie“ agefouert, déi vu ganz anerem Personal ofgehalen gëtt, déi - an do och erëm eng Kéier wëll ech wierklech kengem ze no trieden - dach awer net iwwert dëselwecht Kompetenze verfüge wéi am neien technesch Lycée. An dat alles dréit sécherlech net zur Klarifikatioun um sozialen Terrain a senger Beruffer bäi.

Och misst dësen neie Lycée iwwert d'Méiglechkeete verfügen, fir Weiterbildung unzibidden - dat ass och schonn hei gesot ginn -, souwuel fir déi Leit, déi do hiren Diplom kritt hu wéi awer och fir Leit, déi vläicht an engem ganz aneren Domän schaffen, awer punktuell eng Weiterbildung an engem socio-éducativ Fach brauchen. Eng Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg imposéiert sech praktesch an deem Kontext. En Austausch mat aneren Institutionen am Land oder am Ausland ass onëmgängelech, wann ee wëllt dëser wichteger Formation hire richteg Stellwäert ginn.

Dësen neie spezialiséierte Lycée misst e Point de rencontre si wou ausgetauscht gëtt, wou kreativ Brainstorming méiglech sinn a wou op d'Aktualitéit am socio-éducativ Kontext ka reagéiert ginn. Eis schéngt et dofir wichtig a richtig, dass sech dës Aarbecht op engem eenzege geographesche Punkt konzentréiert, an dofir ass et wichtig, dass sou séier wéi méiglech dës Lycée seng definitiv Plaz fënnt op engem geographesche Punkt, deen zentral läit a gutt mam öffentlechen Transport accessibel ass.

Ech wëll eigentlech net ze vill pathetesche iwwert dës socio-éducativ Beruffer schwätzen, well et ass scho schwéier genuch fir dës dach awer nei Beruffer, nodeem se jo am leschte Jorhonnert meeschtens

vun der Charitéit bezuelt gi sinn a meeschtens vun den Uerdensschwëstere gemaach gi sinn, sech duerchzesetzen als Beruff mat dëselwechte Revendicatiounen wéi all aner Beruff. Ëmmer erëm spilt dach awer trotzdeem e bësselchen d'Engagement vum eenzelnen Erzéier vis-à-vis vu senger Matmënschen, déi e betreit, eng Roll. An ëmmer erëm gëtt vun engem schéinen a schwéiere Beruff geschwat, wou een am Dängscht vun de männerbemëttelte Mënsche schafft.

Ech géif awer gär soen, dass et Zäit gëtt e bësse manner schéi Komplimenter fir en nobele Beruff auszedrücken, an dësen neie Beruffer dëselwecht Gläichstellung ze gi wéi all deenen anere Beruffer. Dat heescht am Kloertext, eng kloer Ausbildung, kloer Berufsbiller, kloer Kritären an Aarbechtsverhältnissen, eng Schoul, déi der Ausbildung an hirer Wichtigkeet Rechnung dréit. Vläch geet et souguer bei der Schoul an der Berufsausbildung un, well si ass schlussendlech d'Visitékaart fir all déi Beruffer, déi herno um Terrain schaffen.

Dofir wëll ech hei zum Schluss am Numm vu menger Fraktioun d'Noutwendegkeet ënnersträichen, fir dass dësen neie Lycée prioritär vun der Regierung considéiert gëtt, fir engersäits eng Infrastruktur ze kréien an anerersäits dat noutwendeg Personal kënne anzestellen, fir souwuel den Educateur diplômé wéi den CATP „auxiliaire de vie“ auszebilden, all Forme vu Weiterbildung am socio-éducativ Beräich unzibidden, wéi och Seminären, Colloquen a Konferenzen ze organiséieren.

A well dat jo och elo hei vu jiddereen bal ugeschwat ginn ass, freeën ech mech dann och, Här President, fir lech kënne eng Motion ofzegi vun der grénger Fraktioun, déi dann och seet, dass d'Regierung soll prioritär considéieren, dass deen dote Lycée en uerdentlech Gebai brauch. Voilà.

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*- que la création d'un Lycée technique offrant exclusivement des formations dans le domaine éducatif et social par l'adoption du projet de loi portant création d'un Lycée technique pour Professions Éducatives et Sociales permet d'optimiser les études actuelles;*

*- que depuis le début des années soixante-dix, le secteur éducatif et social a connu un développement substantiel au Luxembourg;*

*- que les établissements dans lesquels la formation a été offerte pendant ces 32 années ont été loués pour des périodes déterminées et ne correspondaient aucune fois aux critères exigés pour garantir les meilleures conditions de formation;*

*- que quelque 720 élèves sont inscrits pour l'année scolaire 2005/2006 au Lycée technique pour Professions Éducatives et Sociales;*

*- que le nouveau Lycée ne bénéficie pas d'infrastructures propres et adaptées à ses besoins;*

*invite le Gouvernement*

*- à accorder une priorité à l'acquisition d'un bâtiment adéquat avec des infrastructures spécifiques et adaptées, notamment des ateliers, des salles d'expression, des salles de conférence, pour garantir une formation de qualité au Lycée technique des Professions Éducatives et Sociales.*

*(s.) Viviane Loschetter, Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Henri Kox.*

Mir wäerten dës Projet de loi, deen de Schüler a Schülerinnen d'Méiglechkeet gëtt, fir d'Educateursformation an engem richteg Lycée technique pour professions éducatives et sociales ze maachen, duerfir matstëmme.

Ech soen lech Merci fir d'Nolautschteren.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Merci, Madame Loschetter. Den nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Damen an Dir Hären, de Rapporteur, den honorabelen Här Castegnaro huet mat Recht op zwee wichteg Problemer higewisen, op déi ech nach wëll agoen. Meng Virriednerinnen a Virriedner hunn och de Projet de loi an allen Hisiichte belicht. Mä nach schéngt et mer, dass zwee Punkte mussen diskutéiert ginn, wou ech Befierchtungen wëll ausdrücken. Eng Befierchtung ass déi, dass mer riskéieren hei eng éducativ Sakgaass ze schafe fir verschidde vun deene Leit, déi mer hei ausbilden.

Woufir? Mir hunn am Laf vun de leschte Jore ganz vill investéiert an de socio-éducativ Beräich. Mir hu ganz vill do gemaach, sief et um Niveau vum Stat, sief et och privat Initiativen, déi uechtert d'Land entstane sinn a wou ganz vill Leit gebraucht gi sinn als Educateurs oder als Educateur gradué fir an deene Beruffer déi Plazen auszufüllen, déi gefuerdert waren.

Mä et huet een natierlech doduerjer ganz vill jonk Leit recrutéiert an engagéiert. An déi jonk Leit bleiwen am Prinzip 20 oder 30 Joer an deem Beruff, wann net méi laang. E gudden Deel huet vläicht och aner Flichten oder aner Prioritéiten, well se op eng Kéier wëllen sech méi op hir Famill konzentréieren, mä nach muss ee sech bewosst sinn, dass et héchstwahrscheinlech net méi esou wäert virgoen, wéi et bis elo war. Dat heescht, dass 100% vun deenen, déi aus där Schoul, aus deem Lycée erauskomm sinn, dass déi och zu 100% eng Plaz kruten. Dat riskéiert am Laf vun de Jore méi schwierig ze ginn. Mir riskéieren, dass vun deene 715 Eléven, déi mer elo hunn - do kommen der d'Joer also eng 230, 240 eraus, also en Drëttel -, do mat der Zäit eng 40, 50, 60 op eng Kéier keng Plaz fannen.

Dat ass eppes, wou ee mengen ech misst eischtens déi Schülerinnen a Schüler, déi sech op dee Wee do engagéieren, awer drop opmierksam maachen, respektiv een och muss kucken als Regierung, dass et keng Sakgaass gëtt, mä dass ee mat der Zäit kuckt, dass och do Equivalenze geschafe ginn, dass gekuckt gëtt, dass déi jonk Leit iwwer eng zousätzlech Formation oder e Recyclage oder duerch Equivalenzen awer kënne sech engem anere Beruff vläch hihi wéi deem, deen se elo just studéiert hunn.

Dat ass eng Préoccupation, op déi ech d'Regierung wollt opmierksam maachen, well se ganz reell ass en vue vun deenen Donnéeën, déi engem bis elo zur Verfügung stinn.

Den zweete Problem, dee mat Recht ugeschwat ginn ass, ass dee vun de Chargé-de-coursen. Ech ginn et net midd, Madame Ministerin, bei all Interventioun, déi mer hei zu engem Projet de loi hunn, dorop hinweisen, dass d'Regierung muss Léisunge fannen, wat d'Problemer vun de Chargé-de-coursen ueget, egal a wat fir engem Type d'enseignement se bestinn. Mir mussen do eng Léisung fannen, déi sech a mengen Aen dem Aarbechtsrecht ënnerwerft.

Mir mussen kucken, dass déi Leit dat aktiivt an dat passivt Wahlrecht kréien, well Dir wësst, dass d'Em-

ployé-privéen, déi fir de Stat schaffen, net d'Recht hunn, fir d'Delegéierten ze wien oder fir als Delegéierte gewielt ze ginn. Et ass net gutt, dass alleguerten déi Leit dann och net dierfen hiren Avis ofginn, wann et ëm scholesch Problemer geet a wann et ëm scholesch Organisation geet.

Dat gesot, mengen ech, hu mer hei awer e Projet de loi, deen noutwendeg ass, deen och déi richteg Zilsetzung gëtt. Mir wënschen och, dass de Lycée natierlech an engem Gebai ënnerbruecht gëtt, wat dezent ass. Ech hoffen, Madame Ministerin, dass Dir lech do bei dem Här Bauminister kënnt duerchsetzen.

Dat gesot, wëll ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu deemem Projet de loi bréngen.

**Une voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Merci, Här Henckes. D'Regierung huet d'Wuert. Madame Minister, wann ech gelift.

**Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech freeë mech iwwert déi Unanimité fir dës Projet, dee vu menger Virgängerin, der Madame Brasseur, am Mee 2004 déposéiert ginn ass. Si huet jo och ganz am Detail den Historique gemaach an d'Argumentatioun, firwat dee Projet esou ausgesäit, wéi en ausgesäit, an net anescht. Ech ka mer dat also a menger Interventioun spueren.

Ech wëll just déi Unanimité hei begrëssen, well ech se gesinn als eng Unerkennung vun där Ausbildung, déi bis elo gemaach ginn ass um IEES. An ech hoffen, dass alleguerten déi Leit, déi do schaffen, dat och esou gesinn. An hinne wëll ech och e Merci soe fir déi Opbauaarbecht an déi Pionéieraarbecht, déi do gemaach ginn ass.

Ech gesinn et och als eng Unerkennung vun der Wichtigkeet vun dem Beruff vum Educateur. An ech denken, d'Madame Loschetter huet dat hei ganz daillech gemaach, wat fir eng Importenz dee Profil vum Educateur kritt huet an der Zäit an an de Joren.

Och muss ee vläicht ënnersträichen, dass dat Bild vum Educateur och vläch duerch deen Numm, deen déi Professioun dréit, kënnt drop hiweisen, dass en haaptsächlech mat Kanner ze dinn huet. Et ass ee Beruff, dee ganz polyvalent ass, an deem ee souwuel mat Kanner, mat Jugendlechen, mat eelere Leit a mat Leit mat Handicap ka schaffen. Et ass also ee Beruff, deen a ville Beräicher vum Liewen immens wichtig ass, dee gefrot ass. De Succès, déi grouss Zuel vu Schüler, Studenten, déi sech aschreiwten am IEES, deen et jo da vun haut un net méi gëtt, beweist jo och, dass dat jiddefalls vun deene jonke Leit erkannt gëtt.

Ech maache mer elo de Moment jiddefalls net immens vill Suerge fir d'Ennerkomme vun deene Leit, déi déi Studien hunn, well et e Beruff ass, an dat bedauern ech trotzdeem e bëssen, deen haaptsächlech vu Fraen ausgeübt gëtt. Ech si frou, dass d'Fraen do aktiv sinn, mä ech denke fir all Beruff wär et gutt, wann eng besser Verdeelung wär zwësche Männer a Fraen. Mir mussen eis nach Saachen afale loosse, wéi mer dee Beruff och fir Jonge méi attraktiv kënne maachen. Mä doduerch dass vill Fraen an deem Beruff aktiv sinn, sinn natierlech vill Interruptiounen vun der Carrière an doduerch ass den „turnover“ vun deene Leit och ganz grouss.

Ech deelen alleguerten déi lwwerleungen, déi gemaach gi sinn, dass et wichtig ass an all Beruff, awer och a soziale Beruffer, well dat eben e Sektour ass, deen esou changéiert, dass mir eis lwwerleunge maachen, wéi een d'Weiterbildung respektiv eng op-

bauend Ausbildung kann un déi initial Ausbildung drunhänken. Ech denken, dass ass den Défi vun deenen nächste Méint a Joren, deen ech mer selwer gestallt hunn. Mir schwätze vill vum „lifelong learning“; mir mussen eis awer och d'Moyenen an d'Strukture ginn, fir dass dat sech och an der Praxis erëmfënnt.

Ech kann also der Madame Ganzenbein soen, dass et dee Règlement grand-ducal nach net gëtt iwwer «en cours d'emploi», mä dass mer am Ministère amgaange sinn eis allgemeng Gedanken ze maachen, wéi eng Strukturer mer kënnen opbauen, fir ebe just méi Encours-d'emploi-s-Offeren ze maachen.

Ech wëllt ee grouse Merci nach lassginn, an zwar un de Rapporteur fir säi Rapport. Och fir d'Rapiditéit, mat där geschafft ginn ass. Zwar ass de Projet virun engem Joer déposéiert ginn, mä et sinn nach am Mee Amendementer gemaach ginn.

De Conseil d'État huet säin Avis gemaach, an ech si frou, dass mer dee Projet haut kënne stëmme, well jo, an dat ass aus all den Explikatiounen virun erausgaangen, doduerch dass d'Gesetz iwwert d'Uni gestëmmt ginn ass, den IEES ee Standbeen ewechgeholl ginn ass, a mer eigentlech och en Délai hunn, vu wéini u muss eng nei Struktur fir den IEES bestoen, an dat ass de September fir dës Rentrée. Et ass also kaum een Dag ze fréi, dass dat Gesetz hei gestëmmt gëtt. Duerfir wollt ech der Kommissioun an och dem Rapporteur villmools Merci soen.

Fir mech wéi fir lech bleiwen zwee Schéinheitsfeeler an deem Gesetz. Deen éischten ass dee vun den Enseignanten, deene Leit, déi am IEES uestallt sinn, déi do den IEES mat opgebaut hunn, déi do Schoul gehalen hunn an déi zwar, an dat ass net den allgemenge Problem vun de Chargés de cours wéi bei deenen aneren, e feste Kontrakt hunn. An deem heite Fall ass e feste Kontrakt do! De Problem, dee sech stellt, ass dee vum Aklässieren, an ech wëllt soen, dass mer do de Moment eigentlech keng Léisung ze proposéieren hunn, dass mer awer an der Regierung, an den Här Wiseler huet gesot, hie géif sech eeschthaf, an e mécht dat och, drëm këmmen, dass mer eng global Léisung kréien, wéi mer an där neier Architektur vun de Studië vun dem Bologna-Prozess, wou mer e Bachelor a Master kréien, dass mer do eng global Léisung musse kréie fir alleguerten déi Leit, déi op deem Niveau ausgebild sinn, an dass et also aus där Ursaach dës Kéier net virentscheit ginn ass an deemem Projet de loi.

Ech bedauern et och, et ass ee Schéinheitsfeeler. Mä ech muss soen, deen allergréisste Schéinheitsfeeler, dee mer hunn, dat ass dass mer keng Infrastruktur hu fir deen neie Lycée technique pour professions éducatives et sociales. Ech sinn dat éischt, wat doriwwer net frou ass. Ech ginn awer hei mäin Engagement an, fir meng Energie drunzesetzen, fir do eng Léisung ze fannen. An ech denken, dass mer der zwou musse fannen.

Mir mussen eng provisoresch fannen, eng Containerléisung fir direkt, a mir brauchen en definitive Site mat engem richteg Lycée, mat engem richteg Gebai fir dee Lycée technique pour professions éducatives et sociales, deen am Zentrum vum Land läit.

Ech sinn éierlech gesot och net sou pessimistesche, dass mer ganz geschwënn eng Léisung fannen, an ech hunn duerfir och guer kee Problem fir déi Motioun vun deene Gréngen hei unzehuelen.

Ech soen lech alleguerte Merci, fir dass dat Gesetz gestëmmt gëtt, an ech wënschen deem neie Lycée technique pour professions éducatives et sociales ganz vill Erfolleg an haaptsächlech geschwënn eng



Infrastruktur, déi hinnen et och erlaabt all déi Formatiounen unzibidden, déi se kënnen ubidden.

An ech wëll do, dat als lescht, just nach op der Madame Loschetter hir Remarquen iwwert d'CATP-Ausbildung kommen: Also ech fannen et wichteg, dass mer eng nei CATP-Ausbildung sou séier wéi méiglech offréieren. Et ass awer esou, dass et mam beschte Wëllen an där Infrastruktur, an där Capacitéit, déi den IEES de Moment huet, net méiglech ass, do déi Ausbildung unzibidden. An duerfir hunn ech awer fonnt, et wär awer keng Ursaach fir deen CATP net unzibidden. An ech denken och d'Madame Loschetter war mat mir do d'accord, duerfir also: Eis Prioritéit an den nächste Méint ass eng definitiv Bleif ze fanne fir deen neie Lycée vun de Professions éducatives et sociales.

Merci fir dee Vote a bonne chance fir de Lycée.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Madame Minister.

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5408 iwwert den Enseignement musical. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Nelly Stein. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

#### 4. 5408 - Projet de loi portant modification de l'article 12 de la loi du 28 avril 1998 portant

**a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal;**

**b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;**

**c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État**

*Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture*

**Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madame Statssekretär, Madame Minister, soll ech waarde bis déi Leit, déi net méi wëlle bliewen...

*(Hilarité)*

Da kënnen mer och an aller Rou an an aller Intimitéit eise Projet duerchschwätzen.

**Une voix.**- Dann ass et méi harmonesch!

**Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.**- Et huet alles seng Avantage. Da si mer alt roueg heibanen.

*(Coups de cloche de la Présidence)*

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen, bei dem Projet 5408, dee mer haut duerchhuelen, geet et just ëm eng Ännerung vum Artikel 12 vum Gesetz vum 28. Abrëll 1998 iwwert den Enseignement musical. Mer wëssen nach ganz gutt, datt d'98er Gesetz e Kompromiss war, mä, ech betounen, e gudde Kompromiss, deen d'Madame Erna Hennicot-Schoepges fonnt huet, fir all méiglech an esouguer géigesätzlech Interessen a Sensibilitäten an engem Gesetz zesummenzefaassen.

An deem Gesetz gouf nämlech de Plaffong vun der finanzieller Bedeelegung vum Stat op 190 Milliounen Lëtzebuerger Frang festgeluecht. Mat dem Projet de loi vun haut setze mer dëse Betrag op 7.367.000 Euro erop, ech hunn lech dat ausgerechent, zirka 300

Milliounen, ganz genau 297.182.043. Wann Der 300 Milliounen verhaalt, da leit Der richtig.

D'Erhéijung vum Plaffong ass engersäits bedéngt duerch d'Evolutioun vun de Gehälter, déi, esou wéi d'Gesetz vum 1998 et festgeluecht hat, zu engem Drëttel vum Kulturministère, zu engem Drëttel aus dem Fonds communal de dotation financière an zu engem Drëttel vun de Bedreiwergemenge selwer bezuelt ginn, an do dernieft mussen déi och nach all Fonctionnementskäscht selwer droen. Anerersäits gëtt et awer eng aner Ursaach fir d'Eropsetze vun deem Betrag: Well am Joer 2002 de Museksunterrecht, dee vun dem Gemengesyndikat Dikrech an Ettelbréck ugebuede gëtt, de Statut vum Conservatoire de musique kritt huet, gradesou wéi de Museksunterrecht vun der Gemeng Déifferdeng de Statut vun enger École de musique kritt huet.

Dës Décisiounen, wouriwwer déi Gemenge selbstverständlech frou sinn, bréngen awer noutgedronge finanziell Konsequenze mat sech, sou datt Upassunge vum Gesetz fälleg ware fir de Budget 2005. Dat heescht, d'Zomm vum Joer 2004, do stoungen am Budget 6.836.000 Euro; dës Zomm geet ëm 360.806 Euro erop, weinst der Promotioun an d'Grade vun engem neie Conservatoire de musique an och vun enger neier Museksschoul. Mä ganz besonnesch - an dat wëll ech betounen, d'Leit aus dem Ministère hunn eis dat erkläert - aus der Suerg eraus, fir datt déi aner Gemengen net benodeelegt oder geschiedegt géife gi mat dëser Mesure.

Vun dësen 360.806 Euro geet déi eng Halschent zu Laaschte vum Kulturministère an déi aner Halschent zu Laaschte vum Ministère de l'Intérieur iwwert de Fonds communal de dotation financière.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet ass den 29. November 2004 vun den Häre Ministere Biltgen an Halsdorf - ech muss lech jo lo net soen, welch Resortë se hunn; wann een heibanen ass, deen et net weess, dann zielen ech d'Ressorten op -; Biltgen an Halsdorf hunn dee Projet hei an der Chamber deponéiert.

De Statsrot huet säi positiven Avis den 21. Juni 2005 ofginn. An den 30. Juni hat d'Kommissioun vum Enseignement supérieur, vun der Recherche a vun der Kultur eng gemeinsam Réunion mat der Kommissioun vun den Affaires intérieures a vum Aménagement du Territoire, wou ech dann als Rapporteur vun deem Gesetzestext bestëmmt gouf.

An dëser Réunion goufen de Projet de loi an den Avis vum Statsrot analyséiert. Hei koumen eng ganz Partie Froen op den Dësch, an zwar Froen iwwert d'Organisatioun vum Museksunterrecht an de Gemengen an an de Gemengesyndikater.

De Punkt, iwwert deen awer am meeschten diskutéiert gouf, a sécher an Zukunft och am meeschten diskutéiert wäert ginn - et ka jo net anescht si wann et ëm Gemenge geet -, dat ass dee vun der finanzieller Bedeelegung tëschent Stat a Gemengen.

Och de Statut vum Personal bleift e Problem, well d'Personal an deene verschiddene Museksschoule gradesou verschidden ass wéi d'Offer vum Museksunterrecht selwer. Et gëtt nämlech Museksproffen aus der Carrière E7, et gëtt Chargés de cours mat enger hallwer Tâche, et gëtt Chargés de cours mat enger ganzer Tâche, et gëtt Chargée mat dräi, véier, siwe Stonne pro Woch. Déi eng hunn en Zäitkontrakt, déi aner hunn e Contrat à durée indéterminée an anerer sinn als Employé privé agestallt an esou weider an esou fort.

Fir deen Drëttel, deen d'Gemenge vum Ministère de l'Intérieur aus dem Fonds communal de dotation financière kréien, leie prezis Kritäre

vir, an zwar wat d'Héicht vun de Gehälter betrëfft, wat d'Qualifikatioun vum Personal an d'Anciennetéit vum Personal betrëfft. All dës Facteurs spillen eng ganz wichteg Roll an all dat bréngt mat sech, datt d'Subventionéierung vu Gemeng zu Gemeng verschidden ass.

Gradesou verschidden ass lo-gescherweis och d'Reaktioun vun de Gemengeverantwortlechen. An dat hu mer och gelies am Avis vum Syvicol, dee sécher dorobber wäert zrëckkommen, gradesou wéi vill Gemengeverantwortlech op dës Fro wäerten zrëckkommen, och - an dat wëll ech betounen haut, wou mer zum Schluss vun enger laanger Sitzung sinn - wann dës Fro net den direkten Objet vun deem Projet de loi ass.

Ech wëll awer hei der Madame Statssekretärin Octavie Modert an hirem Fonctionnaire aus der Kultur, dem Här Schmoetten, wéi och dem Fonctionnaire, deen zoustänneg ass fir d'Finanzen am Intérieur, dem Här Leonhard, e grouse Merci soe fir hir Gedold...

*(Hilarité)*

...a fir hir Kompetenz, mat där si op déi vill Froe geäntwert hunn, a besonnesch fir d'Bereitschaft, eis bei Geleeënheet, dat heescht wa si d'Analys iwwert de wierkleche Käschtépunkt vum Museksunterrecht ofgeschloss hunn, weider Detailer ze ginn.

Dofir hu mer an der Sëtzung vun der Kulturkommissioun vum 5. Juli op Proposition - an ech bedauern, den Här Gira huet mech elo virun enger Véirelstonn drop opmierksam gemaach, dass déi Kommissioun eleng getagt huet. Ech muss soen, Här Gira, mir hätte gradesou gutt kënnen zu deenen zwou Kommissiounen tagen. Et hätt sécher näischt geännert, a wann dat en Oubli war, dann entschëllegen ech mech. Et hätt een deen anere kënnen vläicht drop opmierksam maachen. Mä op jidde Fall war et net esou gewollt.

Mir hunn op jidde Fall an der Sëtzung vun der Kulturkommissioun vum 5. Juli op Proposition vun der Kolleegin Claudia Dall'Agnol unanimement beschloss, mir sollten dës Analys vun de respektive Ministären ofwaarden an dann eventuell, eventuell nei diskutéieren. Haut geet et jo eigentlech just drëm, ob mer d'accord sinn, fir de Plaffong vun der finanzieller Bedeelegung vum Stat zum Museksunterrecht eropzesetzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. D'Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture huet dat an der Sëtzung vum 5. Juli gemaach, wéi si mäi schrëftleche Rapport mat grousser Majoritéit ugeholl huet, an ech wier lech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech misst deenen et och nach soen, déi muer de Mëtteg kommen, dankbar, wa jiddereen datselwecht géif maachen an d'Gesetz stëmmen. An domadder géif ech ofschléissen, awer net vergiesen, den Accord vu menger Fraktioun, dat heescht vun der CSV ze ginn.

Ech soen lech Merci fir Är aussergewöhnlech Opmierksamkeit!

*(Hilarité)*

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. le Président.**- Merci villmools, Madame Stein. Esou wéi mer dat zesummen ofgemaach hunn, gi mer elo ausnahmsweis dem Här Gira d'Wuert, deen och nach eng wichteg Réunion a senger Gemeng huet. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

*Discussion générale*

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Här President, merci am

Ufank de Kolleegen a Kolleeginen, déi mer de Virtrëtt hei loossen, wat mer effektiv erlaabt, nach zur Zäit op enger öffentlecher an domat schlecht verréckelbarer Réunion den Owend ze sinn. Ech probéieren dann och mech esou kuerz wéi méiglech ze halen.

Ech fannen et schonn e bëssen erstaunlech, dass mer weinst enger Erhéijung vu just 360.806 Euro vun engem Kredit am Statsbudget hei de ganzen Opwand bedriwen, fir en extrat Gesetz op den Instanzewege ze ginn. Duerfir bedauere mir als Gréng e bëssen, dass mer net vun deem Opwand profitéiert hunn, fir eng méi substanzuell Evaluatioun vum Gesetz iwwert d'Museksschoule vun 1998 ze maachen.

Duerno hätt een dann och vläicht kënnen a solle méi eng substanzuell Upassung vun deem Kredit maachen. Well ech mengen, an d'Rapportrice huet dat och schonn ugedeit, d'Diskussiounen an der Réunion jointe, awer och den Avis vum Syvicol weisen, dass d'Problemer um Terrain awer nach wierklech net alleguerte geléist sinn an dass déi finanziell Répercussiounen, virun allem op d'Gemengebudgeten, sech awer trotzdem méi oder wéineger esou entwéckelt hunn...

*(Coups de cloche de la Présidence)*

**M. le Président.**- Här Gira!

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Pardon.

**M. le Président.**- Här Gira, d'Rapportrice wëllt kuerz eppes soen.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Jo.

**Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.**- Jo, Här President, ech géif dem Här Gira awer wierklech gare soen, et geet ëm méi wéi 306.000 Euro! Déi 306.000 Euro, déi si geduecht als Kompensatioun, dass déi zwee, de Syndikat vun Dikrech an Ettelbréck, en neie Statut kréien, esou wéi d'Gemeng Déifferdeng. Mä et geet am Ganzen ëm eng Erhéijung vu méi wéi 100 Milliounen.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Neen, dat ass awer net richtig, Madame Rapportrice. Déi aner Sue gi souwisou all Joer erhéicht.

**Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.**- Jo, mä wie rechent dat esou?

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Neen, dat steet am Gesetz an dofir bräichte mer kee Gesetz ze maachen. Dat ass en Artikel, deen am Gesetz steet. Dat geet mat der Masse salariale vun de Statsbeamten. Dee Montant ass automatesch an d'Luucht gaangen, an dowéinst hätte mer haut net brächten ungetrieden.

**Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.**- Jo, wann Dir dat mengt, da geet dat.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Mä ech mengen, fir dass mer awer an der Chamber, Här President, eng kéier eng seriö Evaluatioun vun deem Gesetz kënnen maachen, awer och fir gewuer ze ginn, als Deputéierten, wéi d'Regierung an deem Dossier wëllt weidergoen, erlaben ech mer lech eng Demande d'interpellation ze iwwerreechen zu deem dote Sujet.

*(M. Camille Gira dépose une demande d'interpellation sur le bureau de la Chambre des Députés)*

Mir schéngen dann do, och ouni dass ech an där Sitzung war, awer méi oder wéineger jo déiselwecht Vuë gehat ze hunn, dass et un der Zäit wier, siwe Joer nodeem dat Gesetz gestëmmt ginn ass, eng

Kéier zesummen a Rou an der Chamber kënnen driwwer ze diskutéieren.

Ech ginn lech Recht, Madame Rapportrice, dass haut net d'Geleeënheet dofir do ass. Dofir hoffen ech dann, dass dës Interpellatioun iwwert den Enseignement musical ugeholl gëtt. Da kënnen mer am Hierscht, nodeem dann och all Informatiounen, mengen ech, vun de Ministären, wéi mer dat versprach kritt hunn, virleien, eis eng kéier en Nomëtteg huelen, fir dann d'Vuë vun deenen eenzelne Fraktiounen zu dëser Thematik gewuer ze ginn. Mä da vläicht an hoffentlech och d'Vuë vun der Regierung.

Ech mengen, dass awer opgrond och vun ëmmer méi kleng ginnende Gemengebudgeten et dréngend noutwendeg ass, fir eng kéier ze kucke wou mer do stinn.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Här Gira.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Ech wollt nach just soen, dass mer awer selbstverständlech déi Erhéijung och hei wäerte stëmmen.

**Une voix.**- Soss wär et awer schlëmm!

**M. le Président.**- Merci villmools. Ech ginn dann elo der Madame Flesch d'Wuert, fir zu deem Projet ze schwätzen.

**Mme Colette Flesch (DP).**- Här President, léif Kolleegen, fir d'alleréisch wëll ech der Rapportrice Merci soen, a vu dass mer jo an engem musikalesche Kontext hei sinn, géing ech wëlle soen, si schéngt mer eng richtig Femme orchestre ze sinn,...

*(Hilarité)*

...well viru kuerzem huet si ons e Rapport gemaach iwwert d'Moossname vun der UNESCO «pour interdire le transfert de propriétés illicites de biens culturels». Haut schwätze mer vum Enseignement musical communal. Si mécht déi Transitioun mat enger Facilitéit, fir déi ech se nëmme ka félicitéieren.

**Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.**- Merci, Madame Flesch.

**Mme Colette Flesch (DP).**- Här President, wéi dat scho gesot ginn ass, de Projet de loi huet zum Zweck, de Plaffong vun der Autorisatioun, déi d'Regierung huet fir um Finanzement vum Enseignement musical communal ze participéieren, ze erhéijen, fir zwou Tatsaache Rechnung ze droen: Éischens, dass den Enseignement musical zu Dikrech an Ettelbréck elo de Statut vun engem Conservatoire huet, an zweetens, dass den Enseignement musical zu Déifferdeng de Statut vun enger École de musique huet. Mir wäerten dee Projet stëmmen a mir sinn absolut mat deene Propositionen hei d'accord.

Et bleift awer trotzdem, dass ee kaum kann iwwert d'Gesetz vun 1998 schwätzen, ouni e puer méi allgemeng Froen ze stellen. Och wa mir keng Interpellatioun ukënnen, wëll ech awer op e puer Punkten agoen.

Wéi scho gesot ginn ass, d'Gesetz vun 1998 ass elo siwe Joer an Applikation. Et misst ee kënnen eng Evaluatioun maache vun deem, wat et bruecht huet, a vun deene Lacunen, déi vläicht dra sinn, an et misst ee kënnen gewëssen Adaptatiounen proposéieren. D'UGDA huet dat gefrot bei verschiddene vun hire Kongresser an an anere Réuniounen.

De Conseil supérieur de la musique huet deem Problem säin Avis vum 17. Abrëll 2004 gewidmet. De Syndicat des villes et communes luxembourgeoises huet an engem Avis datselwecht gefrot, an engem Avis vum 17. Mee 2005. Verschid-